## Wéi kanns du um Internet kucken ob e Buch do ass ?

E Klick op www.stadhaus.lu
E Klick op bibliothèque municipale
E Klick op catalogue
E Klick op catalogues -> recherche spécialisée
Dann gëss du den Titel oder Auteur an

## Wat geschitt wann's du e Buch/DVD verléiers oder futti méchs ?

Du muss d'Buch/DVD bezuelen oder ersetzen

## Däerf een seng Bicher/DVDen un e(ng) Frënd(in) verléinen ?

Nee, dat geet net. Du hues dei Saachen jo mat denger Kaart ausgeléint.

## Wat geschitt wann's du deng Bicher ze spéit zeréck bréngs?

- Du kriss fir d'éischt dräimol e Bréif heemgeschéckt fir dech drun ze erënneren.
- Wann no deenen dräi Erënnerungen d'Bicher nach ëmmer net zréck sinn, kréien deng Elteren eng Rechnung heemgeschéckt.

## Wéi laang däerfs du den Computer benotzen ?

Du däerfs den Computer 2 Stonnen d'Woch benotzen.
Mir maachen awer gär eng Ausnahm bei Schoulaufgaben.

## Wat geschitt wann's du deng Kaart vun der Bibliothéik verléiers ?

Du kriss eng nei Kaart gratis. Wann's de deng Kaart eng zweete Kéier verléiers, muss du 5 € bezuelen.

## Wat däerfs du an der Bibliothéik NET maachen ?

- Iessen an drénken
- Haart schwätzen an telefonéieren
- En Déier matbréngen






CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Differdange




38, avenue Charlotte • L-4530 Differdange • Tél : 58 77 1-1920

BIBLIOTHÈQUE MUNICIPALE

# RÈGLEMENT VUN DER BIBLIOTHÉIK

## Wat kanns du an enger Bibliothéik maachen ?

- Bicher, CDen, DVDen, Zäitschrëften ausléinen
- Am Internet surfen
- Op der Plaz liesen oder Aufgaben maachen

## Wéini ass d'Bibliothéik op ?

- Méindes vun 14.00-19.00
- Dënschdes-Samschdes vun 10-18.00
- Sonndes an Méindes moies ass zou

## Wéi laang kanns du eppes ausléinen ?

- D'Bicher an d'Hörbicher während 6 Wochen
  (du kanns de Prêt ëm bis zu 2 Wochen max. um www.a-z.lu verlängeren
- DVDen an Zäitschrëften während 1 Woch
  (du kanns Dvden um www.a-z.lu bis zu 1 Woch max. verlängren

## Wéi kanns du dech an der Bibliothéik umellen?

- Wann's du méi al wei 16 Joer bass, kanns du dech alleng umellen.
- Wann's du nach keng 16 Joer al bass, brauche mir den Accord resp. eng Ënnerschrëft vun dengen Elteren fir dech unzemellen.
  D'Umellungsformular kriss du bei eis an der Receptioun.

## Wat kascht d'Umeldung oder d'Ausléinen vu Bicher ?

- Näischt, et ass alles gratis
- Nëmmen wann's du eppes erausdrécke wëlls, kascht dat 10 Cent pro Blat
- Eng Fotokopie kascht 15 Cent

## Wéi eng Bicher ginn et an der Bibliothéik?

Du fënns hei Bicher iwwer Bastelen, Konscht, Sport, Comics, Mangas, Kachen, Natur, Déieren, Geschichten, an villes méi. Fro eis, mir hëllefen dir beim Sichen.

## An wéi enger Sprooch sinn d'Bicher an der Bibliothéik ?

Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch, Italienesch, Spuenesch, Serbo-kroatesch an Arabesch.